


Fir wien?

Wëllef an
Avex


Wou?

dobannen an /
oder dobaus-
sen


Dauer:

2 Stonnen


**Virbereed-
ung:**

1 Stonn


**Zuel vun
de Kanner:**

op mannst 6


**Zuel vun
de Chef:**

op mannst 3


Thema:

Kanner-
rechter,
Relioun vum
Islam

De Birame aus dem Senegal erzielt eng Erzielung mat kleng Spiller

Zil

D'Liewen vun engem Talibé (Koranschüler), dem Birame aus dem Senegal, steet am Mët-
telpunkt vun dëser Versammlung. Verschidde Spiller illustréieren dem Birame säin Alldag
an enger Koranschoul, deen duerch Aarmut geprägt ass, souwéi wichteg Elementer aus dem
Islam.

Material

- ~ Grouss Pabeiersblieder
- ~ Bläistëffer
- ~ CD-Player
- ~ CD mat afrikanescher Musik
- ~ grouss Baatsch
- ~ Fotoen am Anhang
- ~ Dattelen
- ~ Räiskichelcher
- ~ Decken
- ~ 5 Bitecher oder grouss Plastikschoßelen
- ~ Miel
- ~ Waasser
- ~ Ierdsen, Kräsi, Bulli, Gras
- ~ 10 Schwämm oder Dicher
- ~ Laptop fir e Film ofzespillen
- ~ Puzzle vun der Moschee am Anhang (kopéieren a rausschneiden)
- ~ Waasserkärtercher (20 mol den 10-Liter Eemer kopéieren a rausschneiden)


Oflaf:

De Birame aus dem Senegal huet de Kanner e Bréif geschriwwen. Dëse gëtt vun engem Chef
virgeliess. Dertëschent gi verschidde Spiller gemaach. Am folgenden Text ass alles der Rei
no virgestallt. Vergiesst zum Schluss net de Bilan vun der Aktivitéit ze machen! An engem
Ofschlossgespräch kënnen d'Kanner nach emol op hir Froen an op Onverdauteses zréck-
kommen. D'Cheffen kënnen dann och nach eng Kéier op déi spezifesch Themen agoen fir
d'Sensibilisatiounsaktivitéit ofzeschléissen.

Op der Kaart gëtt de Senegal zesumme mat de Kanner gesicht.

Op der Kaart gëtt Mboro gesicht.

Photo 1 vun Matam weisen



Salam Aleikum!

Ech sinn de Birame aus dem Senegal. Weess Du, wou de Senegal läit?

Zënter 4 Joer sinn ech schon hei zu Mboro an der Koranschoul. Mboro läit 120 km nördlech vun Dakar. Vlăit fënns du et jo op der Kaart?

Wéi ech heihinner komm sinn, do war ech nach sou kleng, datt di aner Jongen mech ëmmer mat der Hand geholl hunn, wéi mir duerch d'Stroosse gaang sinn. Ech kommen eigentlech vu Matam, enger waarmer dréchener Géigend aus dem Senegal, wăit vun hei ewech.

*Meng Elteren hunn 13 Kanner an ech sinn deen drëttklengsten. Măi Papp huet e Feld, wou hie Kabes a Gromperen uplanzt, a meng Mam hëlleft d'Feld netzen a si këmmert sech em meng 2 kleng Schwëstere. Meng grouss Bridder passen op eis 5 Geessen an 3 Kéi op. Si sinn eise ganze Besëtzt. Meng Bridder gi mat hinnen duerch d'Géigend fir Plazen ze fan-
nen, wou eppes wiisst. Meng Famill ass moslemesch, sou wéi déi meescht Leit am Senegal. Fir d'Moslem ass d'Léieren ganz wichteg an sou hu meng Elteren virun 4 Joer beschloss mech an eng Koranschoul ze schécken.*

Et war e laange Wee vu Matam bis heihinner op Mboro. Zesumme mat mengem Papp hu mir laang missten op en Auto waarden, deen eis op Mboro géif bréngen. Zu Matam ginn et net vill Autoen, an déi, déi laanscht komm sinn, ware scho voll. Et sinn leselskaren laanscht komm an endlech och Pärds-kutschen. Mir sinn dun domat e Stéck gefuer bis mir an eng kleng Stad komm sinn, wou méi Autoen waren. No 2 Deeg an e puer platte Pneuen si mir dunn zu Mboro ukomm.

Spill: "Reise nach Mboro"



Foto 2 mam Baobab weisen

D'Rees war ustrengend awer ganz spannend. Ech hat bis elo nach ni eppes aneres gesinn wéi măin Duerf an elo konnt ech e bëssen eppes vum Senegal entdecken, zum Beispill grouss Beem, di ausgesinn, wi wa se de verkéierte Wee am Buedem géife stiechen. Du kenns vlăicht den Numm vun deene Beem?

Kuerz éier d'Sonn ënnergaang ass, si mir zu Mboro ukomm. Ech wousst net wat mat mir geschéie géif, ech war nach kleng an ech hu gekrasch, wou măi Papp mech bei engem ale Mann a lauter anere klenge Jongen zeréckgelooss huet. Ech wollt net do bleiwen. Măi Papp huet et jo just gutt gemengt, awer dat konnt ech am Ufank net verstoen. Măi Papp wousst, datt et am Duerf fir mech keng Zukunft giff ginn an hien huet gehofft, datt ech hei eppes léiere géif. Ech war an enger Koranschoul ukomm. Hei am Senegal gëtt sou eng Schoul och nach Daara genannt. Deen ale Mann, deem ech uvertraut gi sinn, war măi Koranlehrer oder Marabout. An di kleng Jongen ronderëm waren grad sou wéi ech och all hei, fir de Koran ze léieren. Si hu mir gesot, datt ech elo e Koranschüler wăr an datt d'Leit eis giffen „Talibé“ nennen. Mir waren zu 30 Talibéen hei an der Koranschoul. Hei sinn e puer vu menge Frënn.



Foto 3 mat den Talibé weisen

Eis Schoul ass net sou wie bei lech zu Lëtzebuerg! Mir schlofen a liewen hei an der Schoul, a mir dăerfen eréischt erëm heem bei eis Elteren goen, wa mir de Koran ganz kennen. An dat dauert Joeren! Mee weess Du iwwerhaupt wat de Koran ass? Kanns Du dech nach drun erënneren, wéi eng Relioun datt ech hunn? Genau, ech si Moslem! E Moslem ass e Mënsch, deem seng Relioun den Islam ass. Den Islam ass vum Prophet Mohammed viru ganz laanger Zăit gegrënnt ginn.



Foto 4 weisen

De Mohammed ass zu Mekka op d'Welt komm an zu dem Zäitpunkt hunn d'Leit do un e ganze Koup Götter gegleeft. De Mohammed huet d'Aufgab kritt de Leit mat deenen hien gelieft huet ze soen, datt et just ee Gott gëtt. Hien huet dëst alles am Koran niddergeschriwwen. Ech sinn also hei an der Koranschoul fir de Koran auswënneg ze léieren. Dat ass nawell guer net sou einfach wëll de Koran ass op arabesch geschriwwen. Kuck der dat mol un. Verstees DU eppes dovun???

Arabesch schreift ee vu riets no lénks an et gëtt ganz anescht ausgeschwat wéi all Sprooch, déi ech bis elo héieren hunn. Bei mir an der Famill hu mir ëmmer Woloff geschwat, dat ass eng vun de senegaleseschen Sproochen. Liesen a schreiwen konnt ech nach iwwerhaupt net, ech si bis lo ni an d'Schoul gaangen. An der Koranschoul war ech dofir am Ufank richtig verluer. Ech soll net nëmmen de Koran auswënneg léieren, mee och nach arabesch liesen a schreiwe léieren! Probéier du mol Däi Numm vun riets no lénks ze schreiwen, dat ass guer net sou einfach.

Spill: Numm schreiwen

(vun riets no lénks a spigelverkéiert)

Spill: Puzzle mat de 5 Sailer aus dem Islam maachen

Den Islam gëtt oft mat enger Moschee verglach, enger Kierch, déi vu 5 Sailer gedroe gëtt. Wanns Du de Puzzle gemaach kriss, da wees du wat domadder gemengt ass.

Wat sinn di 5 Sailer vum Islam?

1. Glawensbekenntnis
2. 5 mol am Dag bieden
3. faaschten (Ramadan halen)
4. spenden
5. Pilgerrees op Mekka maachen

Zu der 1. Sail

Mär Moslem gleewen un een eenzege Gott. Mir nennen hien Allah.

Zu der 2. Sail

Mir bieden 5 mol am Dag. Éier mir bieden, musse mir eis fir d'éischt wäschen, fir datt mir propper sinn, wa mir mat Allah schwätzen. Bei eise Gebied soen oder sange mir Sätz aus dem Koran a mir knéien eis ganz dacks op de Buedem. De Muezzin, de Paschtouer, rífft vum Tuerm vun der Moschee iwwert Lautsprecher wann d'Zäit ass fir ze bieden. Waars du scho mol an engem Land an der Vakanz, wou's du dat héieren hues?

Zu der 3. Sail

Ech hunn héieren, d'Chrëschte géifen all Joer virun Ouschteren faaschten. Bei eis Moslemen faaschten mir all Joer 30 Deeg, mir nennen dee Mount Ramadan. Soubal d'Sonn opgeet bis datt se erëm ennergeet, solle mir dann näischt méi iessen an drénken. Do gëtt et engem ganz schéin dréchen am Mond!

Spill: De Mond as dréchen vum Faaschten

Ech freeë mech ëmmer op de Ramadan, well da schenken déi Erwuesen oft eis Kanner aus der Koranschoul gutt lessen a Séissegkeeten oder souguer Kleeder. Wat ech am léifsten hunn, dat sinn d'Dattelen. D'Leit, di sech dat leeschten kënnen, iessen am Ramadan all owes Dattelen.

Spill: Dattele schmaachen

Zu der 4. Sail:

Zu de 5 Sainen vum Islam gehéiert et och ze spenden, d.h. aarme Leit Suen oder Saachen ze schenken. Dat ass natierlech praktesch fir Kanner aus der Koranschoul wéi mech. Eise Marabout, d.h. eise Koranlehrer, gött nämlech nët bezuelt vun eisen Elteren fir eis de Koran bäizebréngen. Du kanns Dir virstellen, datt et fir hien och net einfach ass fir eis all z'iessen ze ginn a soss alles, wat mir brauchen. Dofir musse mir heesche goen a mir schlofen zu 30 um Buedem op dënne Matrassen an hunn net genuch Decken. Den Aliou an den Djibi deelen eng Decke mat mir, mee si zéie mir se ëmmer ewech. Heiansdo, wann de Marabout net kuckt, da maache mir nuets e Spill op eisen Decken.

Spill: Decke rutschen

Bei eise Marabout gött et och just eng eenzeg Dusch fir eis alleguerten. Du kanns dir virstellen, datt dat net ganz flott ass, well wéi solle mir 30 Talibéen an dem Marabout seng grouss Famill all do duschen? Mir däerfen dofir bal ni dusche goen. Du géifs dech vläicht freeën, wanns du net dusche misst, mee hei am Senegal ass et am Dag waarm a well mir vill an der Strooss ronderëm lafe fir Suen an lessen ze heeschen, si mir owes sou richtig gutt stëpseg. Do giff eng Dusch bestëmmt gutt doen. Den Moustapha an den Ousmane, déi hu scho Lais. Si kraze sech dann de ganzen Dag. Ech si frou, datt si net meng Decken deele mussen!

An du? Wéi dacks kanns du an d'Dusch goen? Hues Du och nëmmen sou wéineg Waasser fir dech ze wäschen?

Spill: Waasserverbrauch am Haushalt

Ech hu keng Schung. Méng Féiss si stëpseg an ech hunn heiansdo Wonnen drop, well oft spatz Saachen am Sand leien, déi ech net gesinn an dann drop trëppelen. Weess du wéi e Gefill dat ass, wanns du buerféiss duerch de Sand oder duerch de Bulli geess?

Spill: Plakegéissparcours

Fir mech an déi aner Talibéen ass et also praktesch, datt et zum Islam gehéiert, datt d'Leit mat deenen Aarmen sollen deelen. Ech gehéieren hei zu deenen Aarmen. An lo hunn ech souguer héieren, datt d'Guiden an d'Scouter e Projet hei zu Mboro maachen fir eis Talibéen ze ënnerstëtzen. Dorop freeën ech mech awer schon! Weess du scho méi doriwer? Hues du scho bei der ONG vun den LGS nogefrot?

Zu der 5. Sail

Mee looss mech dir nach vun der leschter Sail vum Islam zielen: All Moslem, dee genuch Suen huet, soll 1x a sengem Liewen eng Pilgerrees op Mekka maachen. Mekka ass déi Stad, wou de Prophet Mohammed gebuer ass. All Joer gi Milliounen vun Moslem dohinner.

Ënnert dem Link www.zdf.de kënnt Dir eng Dokumentatioun vun der Hadj, der Pilgerfahrt op Mekka gesinn. Macht eng Sich op der Homepage mat „Einmal nach Mekka“.

Wann ech eng Kéier ganz vill Suen hunn, da fueren ech mat menge Frënn Aliou an Djibi dohin. Sou. Lo wësst dir ganz vill vu mir. Oder? Kommt, mir maachen e klengt Spill a kucken, wat dir nach vun der Koranschoul a mengem Liewen hei wësst.

Spill: 1, 2 oder 3

Sou, elo loossen ech iech, vläicht gesi mir eis jo nach eng Kéier, maacht et gudd.

*Eddi an Inch Allah,
Birame.*

Erklärung vun de Spiller

Spill : Reise nach Mboro



D'Rees op Mboro ass beschwéierlech. Ëmmer nees riskéieren Hindernisser d'Rees ze ënnerbriechen. Eng grouss Baatsch (alternativ Zeitungen) gëtt um Buedem ausgeluet. Op afrikanesch Musek tanzen d'Kanner ronderëm d'Baatsch. No enger kuerzer Zäit gëtt d'Musik gestoppt an d'Kanner müssen op d'Baatsch trëppelen. Bei all Tour gëtt d'Baatsch en Deel erageklappt, esou dass se ëmmer méi kleng gëtt. Déi, déi beim Stopp vun der Musik keng Plaz méi op der Baatsch fannen, si raus aus dem Spill. Dee leschten, deen nach op der Baatsch stoe bleift, huet gewonnen.

Material: Baatsch, CD-player, afrikanesch Musik



Spill : De Mond ass dréche vum Faaschten

Ee Kand muss e Räiskichelchen an engem Coup iessen a probéieren e Wuert ze soen oder ze päifen. Déi aner Kanner solle roden, wat gesot gouf.

Material: Räiskichelcher



Spill : Op der Decken rutschen

D'Kanner setzen sech zu 4 a 4 hannerteneen (zu méi oder manner, sou grouss wéi d'Decken ass) op eng Decken. Si rutschen op der Decken duerch de Sall. Déi Grupp, déi als éischt op der Zillinn ukënnt, huet gewonnen.

Material: Decken



Spill : Waasserverbrauch am Haushalt

De Birame muss sech eng Dusch mat 5 aner Kanner deelen.

Am Duerchschnëtt verbraucht ee Mënsch an Afrika 5l Waasser am Dag, d.h. e klengen Eemer voll. D'Kanner sollen elo roden, wivill Liter Waasser an eise Géigenden pro Kapp den Dag verbraucht ginn. D'Kanner kréie Käerteche, wou en Eemer vun 10 Liter duergestallt ass. Dës Käerteche gi vun de Kanner op de Verbrauch vu verschiddene Saachen opgedeelt. Dono gëtt all Kéiers gekuckt, wéi richteg oder falsch d'Kanner luchen. Da kann de Chef mat de Kanner diskutéieren, wéi a wou mir méi Waasser kënne spueren, dass déi dréchen an aarm Géigenden op der Wëlt net ausdréchnen. Hei sin d'Beispiller vum Verbrauch. Verglach mat de 5 Liter déi een Afrikaner am Daag verbraucht, ass dat jo wierklech vill !

- ~ Kichen: 5 Liter
- ~ Dusch: 60 Liter
- ~ Bidden: 120 Liter
- ~ Toilettespülung: 10 Liter
- ~ Spull op der Hand: 30 Liter
- ~ Spullmaschin: 20 Liter
- ~ Wäschmaschin: 50 Liter
- ~ Auto wäschen: 200 Liter

Material: Käerteche (2 mol d'Säit mat den Eemer kopéieren a rausschneiden)



Spill : Plakegéissparcours

D'Kanner gi mat verbonnenen Aën duerch Bitercher gefouert, wou naass Schwämm, Miel, Bulli, Gras, Kräsi (oder dréchen Ierbsen..) dra sinn. Dono kënne si roden, wat drann ass. Kee Kand soll gezwonge ginn fir d'Aan verbonnen ze kréien, et geet am Notfall och mat zougepëtzenen Aan.



Kärtercher zum Spill : Waasserverbrauch am Haushalt



Spill: 1, 2, oder 3

Bei dësem Spill gëtt eng 1, eng 2 an eng 3 op Plakater gemolt an nieweneen op de Buedem geluet. Bei all Fro kréien d'Kanner 3 méiglech Äntwerte gesot an si mussen sech dann hannert déi Ziffer stellen, wou se mengen datt d'Äntwert richteg wier. Nodeems se sech opgestallt hun, verréit de Chef hinnen d'Äntwert.


D'Moslem nennen hire Gott...	1. Allah 2. Buddah, 3. Yaweh
D'Moslem liewen...	1. just an Afrika 2. a Saudi Arabien 3. op der ganzer Welt
D'Moslem bieden...	1. an enger Kierch 2. an enger Moschee 3. an enger Synagogue
Mekka läit...	1. am Senegal 2. an Israel 3. a Saudi Arabien
D'Moslem liesen...	1. aus der Torah 2. aus der Bibel 3. aus dem Koran
D'moslemesch Faaschtenzäit heescht...	1. Ramadan 2. Kaaba 3. Zakat
De Koran ass a wéi enger Sprooch geschriwwen?	1. Woloff 2. hebräesch 3. arabesch
Fir ze bieden, dréinen d'Moslem sech a Richtung...	1. Mekka 2. Marrakech 3. Jerusalem
Éier e Moslem bied, muss en...	1. 1 x ronderem d'Kaaba goen 2. sech wäschen 3. eng Dattel iessen
D'Kanner, déi an d'Koranschoul ginn, heeschen am Senegal...	1. talibé 2. marabout 3. el hadj
D'Moslem gleewen un...	1. e ganze Koup Götter 2. un een eenzege Gott 3. un 2 Götter: Allah a Mohammed
Am Islam gëtt et ee groussen Prophet, deem heescht...	1. Adam 2. Jesus 3. Mohammed
Wou ass de Prophet Mohammed op d'Welt komm?	1. an Israel 2. zu Agadir 3. zu Mekka



Spill: Puzzle machen

D'Kanner kréien dest Bild a Form vun engem Puzzle ze maachen.

Déi 5 Saiten am Islam



Kaarten



Fotoen :

Foto 3



Foto 1



Foto 4




Foto 2

